Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2024

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du Premier ministre Luc Frieden

Altesses Royales,
Excellences,
Här Chamberpresident,
Léif Éieregäscht,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Nationalfeierdag ass en Dag vun der Freed a vum Zesummesinn. En Dag vum Merci datt mir heiheem a Fridden a Fräiheet liewe kënnen.

Mir feieren eist Land an eis Natioun.

D'Lëtzebuerger Land gouf viru ronn zwee Honnert Joer gegrënnt.

Mee eng Natioun ass méi wéi d'Schreiwe vun enger Verfassung oder d'Zeechne vu Grenzen op enger Kaart.

Eng Natioun ass Villes. Eng gemeinsam Erfarung, eng gemeinsam Géigewaart an e gemeinsame Projet fir d'Zukunft.

Eng Natioun ass eppes Lieweges. Se vibréiert. Se wiisst. Se entwéckelt sech mat der Zäit.

Se ass e Gefill Deel vun engem grousse Ganzen ze sinn.

Anescht wéi e Land gëtt eng Natioun dofir net gegrënnt. Eng Natioun entsteet.

Am 19. Joerhonnert louche virun der Lëtzebuerger Natioun eng onendlech Unzuel vu méigleche Weeër a Geschichten.

Datt mir haut ee Lëtzebuerg feieren, dat fräi an am Fridde lieft ass keng Selbstverständlechkeet. D'Geschicht vu Lëtzebuerg war net virgeschriwwen. Mir Lëtzebuerger hu se selwer geschriwwen.

E Bléck hannert eis Grenze weist eis datt Fridden a Fräiheet keng Selbstverständlechkeet sinn. Do gesi mir eng Welt mat Konflikter a Streidereien. Tëscht Natiounen. Mee och innerhalb vu Gesellschaften.

Dëse Bléck hannert eis Grenze confirméiert och wat eisen Erfolleg ausmécht. De sozialen Zesummenhalt.

Näischt vun deem wat mir schätze wier méiglech ouni dës gesellschaftlech Kohäsioun an dëse Gemeinschaftssënn.

Mir hunn et fäerdeg bruecht dëse Gemeinschaftssënn, dës Eenheet, iwwert all déi Joren a Krisen déi eist Land a senger Geschicht duerchlieft huet, ze erhalen.

Och well mir duerch all déi Zäiten a Krisen de Grand-Duc als Konstant an eisem Land a vun eiser konstitutioneller Monarchie haten. Als Symbol vun eiser Onofhängegkeet, eiser Identitéit, der Kontinuitéit vum Staat, jo als Symbol vun eiser Natioun selwer.

Mee och eppes Besonnesches u Lëtzebuerg ass, datt mir eis Geschicht gemeinsam mat eisen auslännesche Matbierger geschriwwen hunn. Dass dëse sozialen Zesummenhalt besteet tëscht Leit mat villen Nationalitéiten.

Leit mat ënnerschiddlechen Originnen an ënnerschiddleche Geschichten. Ënnerschiddleche Mammesproochen an ënnerschiddlechen Traditiounen.

Leit déi eis Heemecht an eis gemeinsam Reegele vum Zesummeliewen ugeholl hunn. An dat ass de Schlëssel vun dem friddlechen Zesummeliewen dat mir all Daach pfleege mussen.

An all déi Leit setze sech zesummen zu engem faarwegen Tableau.

Wat dësen Tableau ausmécht, ass datt mir <u>all</u> Lëtzebuerg ons Heemecht nennen.

Net ëmsoss ass dat dofir den Titel vun eiser Nationalhymn déi eis all verbënnt.

An dofir freeën ech mech dass haut, fir déi éischte Kéier, d'Originalversioun vun dësem Lidd gespillt gëtt – eng Versioun déi eréischt kierzlech erëm entdeckt gouf.

Et ass e Lidd vun der Schéinheet vun eiser Natur, vun eiser Fräiheet, eiser Eenheet. Jo e Lidd dat eis méi no beienee réckelt.

Eisen Nationalfeierdag ass och ëmmer erëm eng Occasioun eis op dat Wesentlecht ze besënnen. Fir iwwert eis Divergenzen déi mir munchmol hunn, ewech ze kucken.

An fir erëm ze erkennen datt mir awer am beschte si wa mir zesumme stinn an zueneen halen.

Dass Lëtzebuerg eben net just e Staat ass deen sech iwwert seng Grenzen op enger Kaart definéiert. Mee och eng Natioun déi lieft a verbënnt, déi d'Leit zesumme bréngt, zesummen no fir bréngt.

An dat Gefill vun der Eenheet feiere mir haut.

Vive de Grand-Duc an d‘Grande-Duchesse!

All Guddes der ierfgroussherzoglecher Koppel an der ganzer groussherzoglecher Famill!

Vive Lëtzebuerg!

A vive Europa!